ton Agreement ass ee ganz wichtege Schratt gewiescht, mä d'Situatioun a Bosnien-Herzegowina ass nach ëmmer liicht ufälleg fir Stress. Ën engem Land, wou Chrëschten a Moslemen, wou Bosnier, Serben a Kroate laang gutt zesummegelieft hunn a sech och ënnertenee verstanen haten, ass haut nach ëmmer eng komplizéiert Situatioun.

Mir hunn zum Beispill ëmmer een Ofwiessele vun de Statspresidenten. All, mengen ech, aacht Méint, kënnt eng aner Ethnie drun. Dat war eng Zäit ganz wichteg a gutt, datt dat esou geregelt ass. Ech hat d'Chance, och schonn an där Géigend ze sinn. Jonk Leit, virun allem déi aus Mischehe komm sinn, déi hu gesot: „Eigentlech ass dat e System, dee fir eis net laangfristeg de Fridde bréngt. Ech versti mech mëttlerweil als Bosnier, als Herzegowiner an net méi... Ech verstinn net, firwat datt mer all aacht Méint musse wiesselen, just well dat eng Kéier esou an der Politik festgehale ginn ass.

Erlaabt mer awer och ganz kuerz nach eng Kéier, eigentlech fir déi gréng Fraktioun och dat aus enger grénger Perspektiv ze beliichten, well dat war fir déi gréng an där Zäit eng ganz grouss Erausfuerderung, wat dee Moment an Exjugoslawien geschitt ass. Dat war souguer bei deenen däitsche Gréngen ee Moment, wou de Risiko war, datt déi ganz gréng Bewegung géif gespléckt ginn an auserneefalen.

déi gréng, déi jo d'Wuerzelen an enger pazifistescher Grondhaltung haten, déi sech ëmmer agesat hu géint Militärasätz, well se gesot hunn: Mer musse fir d'Éischt probéieren, e Konflikt anzedämmen. D'Militär däerf net een normaalt Mëttel vun Aussepolitik sinn an et muss ee sech och bewosst sinn, datt d'Wierksamkeet vu militäreschen Asätz net garantéiert ass, datt de Risiko vun enger Eskalatioun ëmmer erëm do ass an datt d'Kollateralschied kënnen extrem héich sinn.

Deemools hate se an Däitschland wierklech och d'Fraktioun praktesch gesprengt. Iwwer en Asaz vun SFOR-Truppe vun der NATO hate se hir Fraktioun gespléckt: 22 hu fir den Asaz gestëmmt, 49 dergéint. Do hat och, dat war zwar scho virdrun, den 30. Juli 1995 de Joschka Fischer e laange Bréif geschriwwen: Die Katastrophe in Bosnien und die Konsequenzen für unsere Partei.

Eréischt 1996 waren déi däitsch Gréng op Sarajevo gaangen an dee Moment ass et gekippt. Do hu se gesot: „Et muss ee sech och einfach kënnen an d'Opferroll versetzen an d'Opferroll verlaangt Schutz. An et geet net duer, fir Pazifist ze sinn a sech net ze wieren, wann Onrecht geschitt, wa Brutalitéite géint Ziviliste geschéien."

An dee Moment hunn déi Gréng dann och déi Décisioune matgedroen, déi friddensséchernd sinn. An an deem Sënn mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer, éischtens, der Wourecht an d'Ae kucken, datt mer net vergiessen an datt mer warne virun enger nationalistescher Politik. A selbstverständlech stëmme mir och dës Resolutioun mat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo de Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. An och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci souwuel un den Här Cruchten wéi un den Här Mosar, datt se déi Initiativ hei geholl hunn, déi eist Parlament éiert. An et ass esou, wéi déi Häre gesot hunn: Mir schëllen et den Affer. Dat ass eng ganz gutt Initiativ.

D'Stabiliséierung vum Balkan bleift fir eis all eng grouss Erausfuerderung. Dat, wat mer dëser Deeg a Griichenland erliewen, ass en neie Risiko, net nëmme fir Griichenland, mä och fir d'Regioun, genausou wéi d'Flüchtlingsproblematik oder d'Migranteproblematik och eng ganz grouss Erausfuerderung fir dee ganze Balkan duerstellt. Et ass also gutt an et ass richteg, datt d'Europäesch Unioun, niewent anere Partner, sech engagéiert, fir de Balkan weider ze stabiliséieren.

Et ass awer och eng Geleeënheet, kritesch op dee Rôle zréckzekucken, deen d'Europäesch Unioun gespillt huet an der Balkankris. Erënnere mer eis e bëssen un déi Course, fir Kroatien an anerer unzëerkennen, wou se d'Onofhängegkeet erkläert hunn. Mir liewen an engem Kontext vum Enn vum Kale Krich, mir gesinn d'Auserneebrieche vun der Sowjetunioun, mir gesinn d'Auserneebrieche vun Exjugoslawien. Ën et ass och e bëssen eng Course ëm Afloss an Europa, datt déi eng éischter wëlle Kroatien an anerer unerkenne wéi anerer.

Mir haten eng ganz gefëierlech Situatioun och fir den Zesummenhalt an der Europäescher Unioun. Wa mer haut iwwer Europa schwätzen, musse mer einfach gesinn, datt eben duerch déi fréi Unerkennung eng ganz Rei vu Problemer och entstane sinn.

Mir haten hollännesch Zaldoten, déi ënner Blohelm-Missioun stoungen, déi bei Srebrenica präsent waren, mä leider net agegraff hunn oder net konnten agräifen. Mir hate keng Loftënnerstëtzung vun der NATO, well deemools de franséische Kommandant Bernard Janvier net konnt, wahrscheinlech och op Afloss vum President Chirac hin, well franséisch Geisele vun der UNPROFOR a Liewensgefor gewiescht wären, wär et dann zu enger Loftënnerstëtzung komm.

Mir haten eng Unerkennung vun der Onofhängegkeet vu Bosnien-Herzegowina duerch Däitschland um Joresdag vun der Bombardéierung vu Belgrad am Zweete Weltkrich, wat ganz vill Rancunnen um Balkan ervirgeruff huet.

A virun allem musse mer, wa mer haut d'Situatioun kucken, wéi och d'Madame Brasseur et gemaach huet, an haut wëlle Parallellen zéien tëschent enger Konfliktsituatioun am Oste vun Europa - ech gesinn, meng Zäit ass eriwwer, dofir just ee Saz - an deem, wat a Jugoslawien geschitt ass, musse mer wëssen, datt et eng Konkurrenz vun zwee Prinzipie gëtt: d'Selwerbestëmmungsrecht vun de Vëlker an d'territorial Integritéit.

Europa huet a Jugoslawien ëmmer op d'Selwerbestëmmungsrecht vun de Vëlker insistéiert als dat dominant Prinzip. An der Ukrain ass awer op eemol déi territorial Integritéit dominant. Mir sollten déi Éierlechkeet hunn, och an der Benotzung vun internationale Rechtsprinzipie bei der Statesuccessioun eng Logik mat eis ze hunn. Wann d'Selwerbestëmmungsrecht vun de Vëlker bei der Sowjetunioun a beim Zesummebroch vu Jugoslawien fir eis determinant war, da muss et dat och an der Ukrain sinn.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo direkt den David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Jo, am Numm vun déi Lénk wollt ech och nach dem Här Mosar an dem Här Cruchten Merci soe fir dës Initiativ.

Mir kënnen d'Geschicht vun der ehemoleger Sozialistescher Fëderativer Republik Jugoslawien net nei maachen. Dat war e grousst Land, mat Virdeeler a mat Nodeeler. E Land, wat deelweis en héijen Entwécklungsniveau hat, aner Problemer kannt huet. E Land, wou sech och Nationalismus erëm nei entwéckelt huet. Et war eng Zäit, déi ech och kannt hunn. Mëtt der 90er Joren hunn ech ugefaangen, mech ze politiséieren, grad wou dat geschitt ass. An et hat een och Frënn aus där Géigend, ob se Muslim oder Serb waren, hu se engem och eppes aneres erzielt.

Op jiddwer Fall, deen Nationalismus ass héichkomm. De Krich ass komm. De Massaker ass komm. Vill Massakere si geschitt. An dat waren d'Konsequenze vun deem Krich. Et däerf een awer och ni vergiessen, datt trotzdeem déi jugoslawesch Republik vläicht hätt kënne gerett ginn, datt dat Zesummeliewen tëschent Nationounen, Nationalitéiten hätt kënne gerett ginn. A wann ee vu Responsabilitéite schwätzt a posteriori, däerf een och ni vergiessen, datt et och Responsabilitéite goufen a priori. Mir maachen d'Geschicht net erëm frësch hei. Mä et goufen natierlech och vläicht bei gewëssene Staten, och am Weste vun Europa, Interessen, fir datt déi Republik net weiderlieft. An dorauser muss ee Konsequenzen zéien.

Et gouf scho gesot, de Balkan ass eng sensibel Géigend. Mir mussen dorauser léieren, wat geschitt, wann dës Géigend sech wirtschaftlech, sozial a politesch destabiliséiert an ëmmer méi schwaach gëtt, wa Staten och do méi schwaach ginn. Mir haten och gëschter iwwer Griichenland geschwat, an ech mengen, et ass och wichteg, net ze vergiessen, d'Saach ass nach ëmmer net a gudden Dicher an där Géigend vun Europa.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci Iech och.

Vote sur la résolution

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Resolutioun iwwergoen. Ass den elektronesche Vote gefrot oder kënne mer et à main levée maachen?

Plusieurs voix.- À main levée!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wie fir d'Resolutioun ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen. Wien ass dergéint? Enthalungen?

Domat ass d'Resolutioun unanime ugeholl. Merci villmools.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6809 iwwert d'Integratioun vum Uelzecht-Lycée an de Lycée technique des Arts et Métiers, wéi en duerno wäert heeschen. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Gilles Baum.

4. 6809 - Projet de loi portant intégration de l'Uelzecht-Lycée dans le Lycée technique des Arts et Métiers

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Gilles Baum *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass gesot ginn, de Projet de loi 6809 huet zum Zil d'Integratioun vum Uelzecht-Lycée an de Lycée technique des Arts et Métiers.

Firwat dës Reform? Ma, et ass esou, dass déi zwee Sitten, souwuel de Lycée technique des Arts et Métiers um Lampertsbierg wéi och den Uelzecht-Lycée zu Dummeldeng, duerch dëse Projet de loi méi attraktiv wäerte ginn duerch d'Schafe vun enger eenzeger Administratioun.

Am Moment ass et esou, dass den Uelzecht-Lycée nëmmen de Cycle inférieur ubitt am Enseignement secondaire, am Enseignement secondaire technique an och am Régime préparatoire. Duerch d'Integratioun an de Lycée technique des Arts et Métiers wäert et de Schüler aus dem Uelzecht-Lycée méiglech sinn, souwuel de Cycle moyen wéi och de Cycle supérieur an hirer Schoul, an hirem Gebai fäerdeg ze maachen. Dat heescht, si brauchen net méi no der Neuvième d'Gebai ze wiesselen.

Parallell dozou wäert de Lycée technique des Arts et Métiers seng eege Schüler kënne fir déi héich Klasse bei sech behalen. Et muss ee wëssen, dass aktuell vill Schüler, déi op Dixième kommen, aus anere Lycéeën an d'Handwierkerschoul kommen, well einfach net genuch Schüler an der Handwierkerschoul do sinn, fir op Dixième ze kommen.

En anere Virdeel wäert awer sinn, dass duerch d'Zesummeleeë vun deenen zwee Lycéeën et wäert méiglech sinn, méi Kanner op der Septième opzehuelen. Aktuell gi vill Schüler ofgewisen, wa se sech wëllen op der Septième am Lycée technique des Arts et Métiers aschreiwen. A vill Schüler ginn an den Uelzecht-Lycée gescheckt, well se an anere Lycéeën, an a ronderëm d'Stad, net ënnerkommen.

En anere Virdeel wäert sinn, dass de Lycée technique des Arts et Métiers eng ganz Rei vu Klassesäll huet, an deenen handwierklech geschafft gëtt. Dat heescht, déi hu vill Atelieren. Si hunn awer net méi genuch där konventioneller Klassesäll. An am Uelzecht-Lycée ass et genau ëmgedréit.

Déi Synergien, déi elo wäerten entstoen tëschent deenen zwee Gebaier um Niveau vun den Infrastrukturen, wäerten et eis erlaben, eng méi grouss Flexibilitéit an der Schoulorganisatioun duerch d'Notze vu gemeinsame Ressourçen ze kréien. En plus wäert e verstäerkten Échange vun deenen zwee Sitte bei Projeten a Manifestatiounen och zum Droe kommen.

An e ganz wichtegen Aspekt ass awer och d'Orientatioun. D'Orientatioun vun de Schüler gëtt duerch déi nei Perspektive verbessert. Restriktioune ginn ofgeschaaft, well de Schüler seng ganz Schoulzäit an dërselwechter Schoul maache kann. Déi nei Schoul, déi entsteet, kritt also méi e staarke Profil an erlaabt et och, dass deen eenzelne Schüler sech besser mat senger Schoul identifizéiere kann.

Wat gesäit d'Gesetz elo genau vir? Wéi ech et gesot hunn, den Uelzecht-Lycée gëtt an de Lycée technique des Arts et Métiers integréiert. Et gëtt eng Administratioun an een Direkter. D'Schoulangebot 2015/2016 gesäit vir: de Cycle inférieur am Lycée technique an am Préparatoire, de Cycle moyen a supérieur am Enseignement secondaire technique an d'Division inférieure a supérieure am Enseignement secondaire.

De Corps enseignant gëtt integral iwwerholl, ouni Effeten op seng aktuell Carrière. An déi Fonds du service de l'État à gestion séparée vum Uelzecht-Lycée, déi ginn integral an de Lycée technique des Arts et Métiers transferéiert. D'Gesetz vun 2007, wat den Uelzecht-Lycée geschafen huet, gëtt ofgeschaaft.

E puer Detailer zu der Prozedur, déi mer an de Kommissiounen haten. De Projet de loi ass den 20. Abrëll dëst Joer vum Éducatiounsminister Claude Meisch déposéiert ginn. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics koum den 18. Mee an den Avis vum Conseil d'État den 2. Juni. An zwou Sëtzungen, Enn Juni, hu mer den Avis vum Conseil d'État analyséiert a mir hunn en Amendement abruecht, dat heescht, mir hunn een Artikel gestrach, fir eng Opposition formelle ze behiewen. Den Avis complémentaire vum Conseil d'État koum den 1. Juli an domat konnte mer och de Rapport fäerdeg maachen an unhuelen.

Op dëser Plaz géif ech gären der Madame Carole Closener an der Madame Joëlle Merges Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi se gemaach hunn an enger spezieller Situatioun, well se hu missen hei duerch den Départ vun enger anerer Persoun asprangen, fir de Rapport ze maachen. A Merci awer och dem Philip Modert aus der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. An ech géif dann heimat och direkt den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt d'Madame Martine Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och fir d'Éischt, dem Rapporteur, dem Här Gilles Baum, Merci ze soe fir säi Rapport, dee mëndlechen an dee schréftlechen.

Dir Dammen an Dir Hären, de 15. September d'lescht Joer schonns huet den Éducatiounsministère ee Communiqué erausgi mam Titel: «Projet d'intégration de l'Uelzecht-Lycée dans le Lycée technique des Arts et Métiers» An dësem Communiqué steet, ënner anerem, ech zitéieren: «Dès la rentrée, elles», déi zwou Direktiounen, «mettent en place des groupes de travail composés d'enseignants des deux lycées pour élaborer un concept pédagogique commun destiné à fonctionner sur les deux sites. Parallèlement, le ministère entame l'élaboration d'un projet de loi afférent.»

Wann dat esou ass, wou ech jo emol dovunner ausginn, da muss ech awer froen: Firwat, wa schonns am September ugefaange ginn ass, um Projet de loi ze schaffen, et si genau fënnef Artikelen, gëtt den Dépôt eréischt esou spéit gemaach, respektiv kënnt de Projet de loi eréischt an d'Kommissioun, wann et dréngend ass?

Mir hunn nämlech missen den Avis vum Conseil d'État d'urgence op den Ordre du jour setze vun enger Sitzung, well dee wahrscheinlech, entgéint allen Erwaardungen, a sengem éischten Avis eng Opposition formelle, den Här Baum ass drop agaangen, gemaach huet. Mer haten zu deem Zäitpunkt emol nach guer net iwwert de Projet de loi geschwat!

Als CSV bedauere mer dës Aart a Weis, fir alles ëmmer am leschte Moment ze behandelen. Mat dëser Aart a Weis, fir ze schaffen, ass eng seriö parlamentaresch Aarbecht schwéier méiglech.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Nieft dëser allgemenger Bemierkung stellt sech allerdéngs och d'Fro: Firwat, wa schonns am September 2014 un engem pädagogesche Konzept geschafft ginn ass, firwat krute mer dat nach net virgestallt? Den Här Minister sot just, et géif sech d'nächst Joer nach net vill änneren.

Wa vläicht nach kee pädagogescht Konzept do ass, wat duerchaus méiglech an och verständlech ass, well dat rëselt een net einfach esou aus der Hand, da stellt sech awer d'Fro: Firwat elo schonns ee Gesetz maachen, firwat net waarden, bis datt ee kloert Konzept do ass?

Dir Dammen an Dir Hären, den Uelzecht-Lycée hat keng einfach Gebuert, sou géif ech dat emol beschreiwen. Hie war ursprénglech als Annex vum LTC geplangt. Den heitegen Direkter ass eréischt zimlech kuerzfristeg nom Gesetz ernannt ginn. Hien hat u sech ni richteg Zäit, fir en eegent pädagogescht Konzept auszeschaffen. Op där anerer Säit schwätzt den Här Minister awer relativ vill vu Schoule mat eegenem Profil, esou wéi zum Beispill dem internationale Lycée vun Déifferdeng.

Firwat krut den Uelzecht-Lycée dann net och eng zousätzlech Chance, ier en opgeléist, integréiert gëtt, fir sech en eegenen, een neie Profil ze erschafen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an engem Zeitungsartikel vum Mäerz 2009 huet den Direkter op d'Fro, wat d'Virdeeler vu sengem Lycée wären, gesot: „D'Gréisst vun der Schoul, zirka 570 Schüler, 67 Enseignanten, kleng an iwwersiichtlech, jiddweree kennt jiddereen." Dir Dammen an Dir Hären, dëse Virdeel geet elo sécher verluer. Et entsteet ee Lycée mat zirka 2.000 Schüler!

Esou grouss Schoulen, Schoule mat Annexen, sinn net einfach als Eenheet zesummenzehalen. Et ass schwéier, wann Enseignantë mussen hin-an hierwanderen, wann eventuell am Noutfall och nach Schüler mussen hin- an hierwanderen. Et ass schwéier, een Zesummegehéiregkeetsgefill ze schafen, wann d'Enseignanten op Annexe verdeelt sinn. Eng Schoul, säi Personal, muss awer als eng Eenheet funktionéieren a sech och als Eenheet fillen, wa mer gären eng konsequent Schoulentwécklung, an déi ass lafend noutwendeg, um Niveau vun de Schoule wëlle férderen.

Ech zitéieren an dësem Kontext den Här Adam aus senger Ried vun 2007 zum Gesetz iwwert den Uelzecht-Lycée, dee sech deemools gefreet hat, datt den Uelzecht-Lycée als eegestännege Lycée an net als Annex vum LTC géif funktionéieren.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Dat éiert Iech.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Ech zitéieren - Merci, Här Adam -: „déi gréng sinn der Meenung, datt och schonns 2.000 Schüler vill ze vill fir e Lycée sinn." Do muss ech him recht ginn. An haut décidéiere mer erëm genausou ee Lycée. Den Uelzecht-Lycée gëtt erëm eng Annex, zwar dës Kéier net vum LTC, mä vum Arts et Métiers a mir schafen erëm ee Lycée mat, ech huelen déiselwecht Wierder wéi den Här Adam, „vill ze villen" Schüler.

Op där anerer Säit si mer als CSV allerdéngs och der Meenung, datt d'Direktioun vun dësem neie Lycée zesumme mat senger Équipe vun Enseignante sécher wäerten hiert Bescht maachen, fir datt dës fusionéiert Schoul esou gutt wéi méiglech ka funktionéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Iwwerzeegung eleng geet eis allerdéngs net duer. An aus all deene virdru genannte Grënn wäerte mer eis bei dësem Projet de loi enthalen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci der Madame Hansen. D'nächst Riednerin ass d'Tess Burton.

Mme Tess Burton *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, dem Gilles Baum.

Den Uelzecht-Lycée, ëm deen et hei geet, huet 2007 seng Dieren opgemaach. Iwwert d'Joren huet allerdéngs seng Entwécklung sech als schwiereg erwisen, well de Lycée Problemer hat, fir all Joers Schüler ze rekrutéieren.

Dëst huet eng Rei Grënn, wéi zum Beispill, dass an deem Lycée just de Cycle inférieur ugebuede gëtt an esou d'Schüler während hirer Schoulcarrière hu missen d'Schoul wiesselen. Dobäi ass et awer grad wichteg, dass an enger Schoul all d'Klassen ugebuede ginn, fir esou dem Schüler et méi einfach kënnen ze maachen, fir vun engem Joer an dat anert iwwerzegoen, an esou dem Schüler et och kënnen ze erméiglechen, seng Schoulcarrière op enger eenzeger Plaz ze maachen.

Den Uelzecht-Lycée soll elo mam Lycée des Arts et Métiers zesummegefouert ginn. De Lycée des Arts et Métiers ass e Lycée mat Traditioun, deen de Moment ronn 1.500 Schüler huet, deenen eng grouss Auswahl u Formatiounen an der Konscht an am Handwierk ugebuede gëtt.

De Moment ass et awer esou, dass am Lycée des Arts et Métiers d'Schüler aus dem Cycle moyen et supérieur meeschtens aus anere Schoule kommen, well de Lycée des Arts et Métiers net genuch Klassesäll huet, fir Plazen am Cycle inférieur unzebidden. Et gëtt vill spezialiséiert Klassesäll an deem Lycée an net genuch normal Klassesäll fir de Cycle inférieur. De Contraire ass de Fall am Uelzecht-Lycée, wou d'Schüler just de Cycle inférieur kënne maachen. An an deem Sënn profitéieren elo déi zwee Lycéeë vun där Zesummeféierung, well et elo eng méi grouss Kontinuitéit an der Scolaritéit vun de Schüler gëtt. Si bleiwe vu Septième bis Treizième an dërselwechter Schoul. D'Zesummeféierung erliichtert also d'Schoulorganisatioun vun deenen zwee Gebaier, an dat virun allem am Intérêt vun de Schüler.

Allerdéngs bleiwen eng Rei Défien, déi elo op d'Proffen an op d'Direktioun duerkommen, virun allem wat den Zesummenhalt vun deenen zwee Sitte betrëfft. Mä grad wat dëse Punkt ugeet, gouf am Viraus mat deenen zwou Direktiounen zesummegeschafft an esou si schonn dëst Joer eng Rei Preparatiounsaarbechten duerchgefouert ginn, fir elo am September prett ze sinn, fir dës Zesummeféierung an der Praxis ëmzesetzen. Et ass nämlech wichteg, dass op deenen zwee Sitten eng gutt Aarbecht geleescht gëtt, well de Lycée des Arts et Métiers ass eng Schoul, déi grad fir d'Handwierk ganz wichteg ass, well si gutt qualifizéiert Handwierker ausbilt, déi virun allem de Moment ganz dréngend um Aarbechtsmarché gebraucht ginn.

Dofir, dëse Projet leet d'Weiche fir eng gutt Zesummenaarbecht vun deenen zwee Gebaier, déi sech ergänzen. Dës administrativ Vereinfachung schaaft den ideale Kader fir déi Schüler, déi sech fir eng Formatioun an der Konscht oder am Handwierk entscheeden. An an deem Sënn ginn ech heimat och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci der Madame Burton. An nächste Riedner ass de Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass u sech flott, wann een och schonn esou laang derbäi ass, wann een da vun enger Kolleegin zitéiert gëtt hei. An ech ka mech ganz gutt nach un deen Débat erënneren. Ech hunn en och nogelies. Ech sinn och richteg zitéiert ginn. Ech wëll awer emol vu virera bemierken, datt souguer schonn deemools déi gréng, mat alle Bedenken, déi mer haten, fir de Projet gestëmmt hunn - Dir sidd also méi streng haut, wéi mir 2007 waren -...

Une voix.- Ah sou!

M. Claude Adam *(déi gréng).-* ...an datt mer eng ganz Rei Argumenter ugefouert hunn, zu deene mer och nach haut stinn. Mä fänke mer emol vir un.

Dir hutt et richteg gesot: Schonn de 15. September 2014 hat de Ministère an engem Communiqué dat ugekënnegt, wat mer dann haut a Gesetzform géissen.

Den Uelzecht-Lycée, deen hat bei der Rentrée 2014-2015 544 Schüler am Technique a ganzer 5 am Secondaire classique. An en huet eigentlech ni gutt funktionéiert. En hat keng Sportsinfrastruktur, en hat just déi ënnescht Klassen am Secondaire classique, wou mer jo grad héieren hunn, datt dat och net geklappt huet, an am Technique. En hat eigentlech ni genuch Schüler, an dat, obscho mer op ville Plazen e Mangel u Klassesäll hunn.

An de Gilles Baum, de Rapporteur, deem ech och wëll Merci soe fir seng Rapporten, huet och schonn drop higedeit, datt et och Avantagë fir de Lycée des Arts et Métiers gëtt, wann deen ebe ka méi Schüler an deenen ënneschte Klassen hunn, déi da kënnen an dërselwechter Enceinte bleiwen an do hir Studie weiderféieren.

An, jo, ech fannen et eigentlech schued, datt dat mam Uelzecht-Lycée net geklappt huet. Wéi mer den 13. Juni 2007 de Projet de loi 5625, also d'Schafung vun deem Uelzecht-Lycée, gestëmmt hunn, do stoung dee Lycée jo schonn. Deen ass direkt an der Rentrée 2007 mat Liewe gefëllt ginn. An den deemolege Rapporteur, dat war den honorabele Fernand Diederich, deen hat gesot, datt den eegestännege Lycée, dat wier net - also, dat war jo dann d'Décisioun -, et wier net eng Annex vum Lycée technique du Centre, wéi dat ursprünglech mam Gesetz, wou e gebaut ginn ass 2003, virgesi war. An ech hat och gesot, an ech soen et och haut nach: Eigentlech ass dat ze vill ee grousse Lycée. Ech hunn och d'Lëscht vun de Lycéeën alleguer gekuckt.

Madame Hansen, léif Kolleegen a Kolleeginnen, déi hu mer jo awer an Zäit vun..., ech weess net, a 50 Joer si mer zu deem komm, wou mer haut sinn, an ech bedaueren dann, datt ech an deene leschten 30 Joer oder datt eis Iddi an deene leschten 30 Joer net méi ënnerstëtzt ginn ass, wéi dat de Fall ass, soss hätte mer vläicht haut en anert Resultat.

Ee vun deenen allergréisste Lycéeën ass den LTC, deen huet 2.051 Schüler bei der Rentrée 2014-15 gehat, an den LTAM, deen hat déiselwecht Rentrée 1.349 Schüler. Also ass et schonn emol reng zueleméisseg, mengen ech, besser, wann en an den LTAM kënnt wéi an een aneren.

De gréisste Problem schéngt gewiescht ze sinn, datt déi Schüler effektiv..., éischtens, de Lycée hat, wéi e gestart ass, ganz vill Préparatoiresklassen an et hat och schonn deemools eventuell un engem pädagogesche Konzept gefeelt. Dat liesen ech aus enger Interventioun, déi deemools den honorabele Gilles Roth gemaach huet, dee gesot huet: „D'Fro stellt sech am konkrete Fall vum Uelzecht-Lycée, ob déi pädagogesch Équipe vun aacht Leit, déi iwwert den Numerus clausus eraus sollt engagéiert ginn, duergeet, fir 800 Schüler" - déi mer ni erreecht hunn - „aus der Ënnerstuf vum Préparatoire, technique a classique, mat zousätzlecher Classe relais, ënner engem Daach ze encadréieren. Generell wier et ubruecht, no enger Fonctionnementsperiod vun zwee bis dräi Joer eng Evaluatioun iwwert dat pädagogescht Konzept vum Uelzecht-Lycée ze maachen." Dat ass net geschitt.

An och déi deemoleg Ministesch, d'Madame Delvaux, huet gesot, datt eigentlech dat ze vill ee grousse Lycée ass. Mä si huet och einfach reagéiert op eng Situatioun, déi net méi haltbar war, doru muss een och erënneren. Déi Gebailechkeeten oder den LTC ass aus allen Néite geplatzt. A mer waren eis alleguerten eens hei am Débat, datt mer eigentlech géifen eng Situatioun verbesseren, däitlech verbesseren zu deem, wat se virdru war, an awer trotzdeem op eng net honnertprozenteg befriddegend Aart a Weis.

An duerfir si mer och elo als Gréng der Meenung: Jo, mir missten emol eng Kéier en Débat féieren iwwert d'Gréisst vu Lycéeën hei am Land. Mir stelle fest, datt deen heite Lycée zu Dummeldeng net esou funktionéiert huet, wéi mer eis et erhofft an erwënscht haten. Mir mengen och, datt en an där doter Gréisst, an där Zesummesetzung an an deene Gebailechkeeten, déi en huet, net kann eegestänneg funktionéieren. An duerfir wäerte mer fir de Projet de loi stëmmen, deen hei virläit.

Mä ech géif mech am Numm vun der grénger Fraktioun drop freeën, wa mer erëm eng Kéier an Zäite wieren, wou ee kéint esou Débaten hei féieren iwwert d'Éducatioun: Wéi soll den ideale Lycée si vun der Gréisst, vum Konzept hier?, an net eis misste mat ganz anere Froe beschäftegen.

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet a brëngen den Accord vun eiser Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Adam. Ech hu kee weidere Riedner ageschriwwen an ech géif nach eng Kéier déi Kolleege bieden, déi gär schwätzen, sech trotzdeem virun der Sëtzung zumindest anzeschreiwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Villmools Merci, Här President, besonnesch och fir Är Flexibilitéit, mä bei esou engem flotte Sujet kann ee wierklech net résistéieren, fir och nach e puer Wuert ze soen.

Mir soen och dem Här Baum Merci fir dee Rapport, deen en haut gemaach huet, deen en eis haut presentéiert huet. Mir hunn an deenen Diskussiounen, déi mer elo haten tëschent CSV a Gréng, zu engem gudden Deel erëmerkannt, wat eis eege Positioun ass, a mir deelen zu engem gudden Deel och déi Suergen ëm d'Gestioun vun deem zukünftege grousse Lycée. Mir wäerten eis och enthalen.

Mä mir erënneren eis och drun, datt 2007, wou d'Madame Delvaux dee Projet hei presentéiert huet, et och eng Personaldiskussioun gouf, well d'Madame Delvaux hat dee Poste vum Direkter deemools maassgeschneidert op eng bestëmmte Persoun - dat wor en LSAP-Buergermeeschter vun enger Gemeng, déi net wäit vun der Stad Lëtzebuerg ewech ass - a si hat dat och gesot an den Diskussiounen, datt dat eng maassgeschneidert gesetzlech Regelung sollt sinn, fir enger bestëmmter Persoun den Direkteschposten ze ginn. An eng Partei, déi deemools Stuerm gelaf ass dogéint, wor d'Demokratesch Partei.

Ech hunn nach déi Communiquéen nogelies, déi deemools publizéiert goufe vun der DP, och am „Journal", déi sech doriwwer opgereegt haten. Duerfir wor et och interessant, fir ze gesinn, datt déi Opposition formelle haut an engem Gesetzesprojet, deen d'Demokratesch Partei iwwert deselwechte Lycée presentéiert, d'Opposition formelle vum Statsrot ebe just mat enger Personalfro och zesummenhoung, an engem liicht anere Kontext. Mä et wor awer interessant, dat ze constatéieren.

Mir ginn dervun aus als ADR, wann och eng Plaz ausgeschriwwe gëtt, datt dat ëmmer muss éierlech an transparent sinn. Mir gesinn awer elo, datt, wann eng Plaz ausgeschriwwe gëtt fir deen aktuellen Direkter - dee seng Méritten huet, et geet guer net ëm hien als Persoun -, mä fir deen nei ze reaffektéieren, eng Ausschreiwung gemaach gëtt, wou awer vu virera kloer ass, wien de Poste kritt.

Dat ass net de Prinzip vun enger Ausschreiwung beim Stat. An, ech mengen, et hätt een do missen aner Weeër sichen, déi méi iwwerzeegend sinn, wat hir Transparenz an hir Éierlechkeet ugeet.

Ech wëll eben hei ganz kloerstellen, datt et eis guer net drëm geet, fir d'Méritte vun där Persoun a Fro ze stellen, oder d'Noutwendegkeet, fir him eng Affektatioun ze ginn, déi hien net a senger Carrière beschiedegt. Mä ech mengen, datt d'Personalpolitik beim Stat muss méi kënne leeschte wéi dat do.

Dat gesot, wäerte mir eis enthalen, an ech soen Iech villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Ech wollt mech nach aschreiwen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Fir?

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Fir ze schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Elo?

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Jo, wann dat méiglech ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ah, jo. Mä et ass ëmmer besser, wann Der dat virun der Sëtzung maacht.

(Hilarité)

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Majo, ech wosst net, dass den Här Kartheiser scho fäerdeg wär. Ech wor um Wee fir bei Iech, fir mech anzeschreiwen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Zu deem heite Projet?

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, Dir kënnt dat natierlech ëmmer maachen, mä besser ass et virun der Sëtzung.

(Hilarité)

Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Merci, Här President. Ech weess, dass Dir streng sidd. Dir hat eng Prédécesseure, déi och streng wor.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, dat ass ganz richteg.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Dann huelen ech dat zur Kenntnis an ech fannen, Dir hutt vollkomme recht. Ech wëll mech entschëllegen. Mä ech hunn elo den Debatten nogelauschtert an duerfir hunn ech mech elo nach ageschriwwen, fir der Chamber ze soen, wéi iwwerhaapt dat Gebai vum Uelzecht-Lycée entstanen ass.

Mir haten Enn der 90er Joren, Ufank der Joren 2000 eng enorm Pénurie vu Schoulgebaier. All Schoulgebaier sinn aus allen Néit gebascht an et wore verschidde Schoulgebaier an engem ganz schlechten Zoustand. Et wor awer schwiereg, iwwerhaapt Terrainen ze fannen a verschiddene Gemengen, fir e Schoulgebai fir de Stat opzeriichten.

Vu dass ech ganz gutt Kontakter mat der Stad Lëtzebuerg hunn, hunn ech deemools als Éducationsminister d'Initiativ geholl, bei d'Stad Lëtzebuerg ze goen, fir ze kucken, wou en Terrain disponibel wier no bei der Eisebunn, wat en Avantage ass, fir d'Schüler ze transportéieren, a wou een direkt kéint ufänke mat bauen, wou also net nach ganz vill Prozedurschwieregkeete wieren. An dunn ass deen do Terrain proposéiert ginn.

An et ass deemools mam LTC dunn en Accord fonnt ginn, dass déi dat géife matgéréieren, well mer net konnten, well deen Terrain ze kleng wor, all Infrastrukturen opbauen. Mir hunn do a kierzester Zäit awer fäerdegbruecht, e Gebai opzeriichten, fir deem Drock iergendwéi e bëssen entgéintzekomme vun der Pénurie, an dofir wor dat Gebai do.

Ech bedauere genee wéi meng Virriedner, dass dat Gebai dunn, wat d'Direktioun ubelaangt, verschidden Etappen duerchlaf huet. An, ech mengen, dat hei, dat ass e gudde Schrëtt elo, fir eng fest Struktur ze ginn, an ech wëll och dem Rapporteur Merci soen.

Mä ech soen Iech Merci, Här President, dass Der mer erlaabt hutt, nach d'Wuert ze ergräifen, well ech wollt einfach de Kontext erëm hierstellen. Den Här Adam huet elo grad gesot, e wier scho laang derbäi. Wat soll ech dann eréischt soen?

Merci villmools.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och der Madame Brasseur. An d'Wuert huet elo den Erzéiungsminister, de Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grousse Merci geet fir d'Alleréischt un de Rapporteur fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport. Ech bedaueren e bëssen, datt mer et net fäerdegbruecht hunn, mat Unanimitéit dat Gesetz hei kënnen ze stëmmen, datt mer awer zwou Fraktiounen hunn, oder eng Fraktioun an e Grupp, dee sech bei dësem Projet enthalen. An ech wëll vläicht kuerz nach eng Kéier op déi Räsonnementer, déi hei virgefouert goufen, agoen.

Et ass gefrot gi vun der Madame Hansen, an déi Fro ass absolutt berechtegt, well ech hu mer se virun iwwer engem Joer nämlech och gestallt: Firwat gi mer net dem Uelzecht-Lycée eng Chance, fir en zweeten Ulaf zu huelen, fir en eegestännegt pädagogescht Konzept ze entwéckelen a fir sech selbststänneg ze positionéieren innerhalb vun der ganzer Schoullandschaft an der Regioun Zentrum?

Et ass mer awer relativ schnell kloerginn, datt et net e Problem war vu Féierung, net e Problem war vun Équipe, net e Problem war vun Enseignanten, net e Problem war vu pädagogescher Ausriichtung, well ech duerchaus fannen, datt eng ganz gutt pädagogesch Aarbecht gemaach ginn ass mat deene Schüler, déi dee

Lycée nun eben emol hat iwwert déi lescht Joren an och haut nach, mä et ware virun allem strukturell Froen, déi awer Problemer opgeworf hunn. Wéi zum Beispill, datt dat Gebai keng Méiglechkeet hat, sech auszedehnen. Datt mer haut just den Ënnergrad do hunn. Datt dee Lycée hei a Konkurrenz steet fir de Recrutement vu Schüler mat, soe mer emol, deene groussen Tankeren, déi mer dann awer an der Stad Lëtzebuerg, virun allem och um Lampertsbierg an direkter Ëmgéigend hunn; traditiounsräich Lycéeën, Lycée-techniquen, wou den Zoch vläicht, fir seng Kanner dohinner aschreiwen ze goen, e Stéck wäit méi grouss ass wéi an en neien, dach awer dann e bëssen och nach méi ofgeleeëne Lycée technique.

Duerfir denken ech, datt mer déi dote Froen net geléist kritt hätte mat engem neie Konzept. Déi strukturell Schwieregkeeten, fir den Uelzecht-Lycée ze positionéieren; déi wären absolutt bliwwen.

Mir hunn och du gekuckt, wat ee kéint maachen. A mir sinn dunn op d'Iwwerleeung komm, fir ze kucken, e Partner ze fannen, wou een eppes kéint zesummeleeën, wat beienee géif passen, wat complémentaire wär. A wann ee kuckt, wat den Uelzecht-Lycée ubitt, wann ee kuckt, wat de Lycée technique des Arts et Métiers ubitt, dann ass dat zum ganz, ganz groussen Deel complémentaire. Et ass e puermol hei de Mëtten an der Debatt ugeschwat ginn, dass de Lycée technique des Arts et Métiers eigentlech net genuch Capacitéit huet, fir Schüler vum Ënnergrad opzehuelen, net Capacitéit huet, fir dat ze maachen, wat mer eigentlech alleguerten heibanne ganz oft fuerderen, nämlech, fir och de Préparatoire mat ze integréieren. Allerdéngs op där anerer Säit huet den Uelzecht-Lycée ebe grad déi Capacitéit an zum Beispill och am Gesetz, an haut fonctionnéiert dat jo och esou, a bitt den Enseignement secondaire mat un. Dat heescht, et kommen zwou Saache beieneen, déi schonn e Ganzt kënnen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann ech gelift!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* ...déi schonn e Ganzt kënnen duerstellen a beienee geheieren, fir dann eigentlech och en neie Profil kënnen ze schafen.

Firwat och de Lycée technique des Arts et Métiers? Nun, ech denken, datt, wa mer grad soen, mer brauchen e klore Profil, mer wëssen, datt déi Traditiounsschoul e klore Profil ëmmer hat, haut och nach ëmmer huet, an an den Ausbildungszweiger, déi se ubitt, dat ganz besonnesch awer mat der Konscht a virun allem och dem Handwierk awer zwou Richtunge sinn, déi mer méi staark mussen accentuéieren an eiser schoulescher Offer. An duerfir, wa mer eppes zesummeschléissen, wou mer insgesamt méi Capacitéit kréien, wou mer vun ënnen erop dann och méi Schüler nach kënnen deenen dote Formatiounen zouféieren herno, et ebe ganz besonnesch och interessant ass, grad déi dote Schoul ze huelen.

Ech féiere gären déi Diskussioun, déi de Claude Adam ugereegt huet iwwert d'Gréisst vun de Gebaier, déi optimal Gréisst. Allerdéngs musse mer och do wëssen, wat méiglech dann ass. A mer kënnen net esou vill Konditiounen herno opstellen, wat eng Schoul alles muss respektéieren. Se däerf net méi wéi esou vill Schüler hunn, se muss op där anerer Säit dann awer all Ordre d'enseignement wa méiglech nach ubidden. Muer komme mer och nach dohinner a soen, mer brauchen och nach Klassen à régime linguistique spécifique, déi musse mer och nach ubidden. Mir wëllen eng Diversifizéierung vun der Offer jo och nach an déi Richtung maachen. Jo, dann iergendwa geet et awer eng Kéier net méi mat Lycéeën, déi vläicht just 1.200 Schüler hunn. Da brauch een, an dat ass einfach eng Fro vun der Arithmetik, och Etablissementer, déi e Stéck wäit méi grouss sinn.

Ech gesinn duerchaus Schwieregkeeten, een Etablissement - an där hu mer jo awer och e puer - gutt ze géréieren, wou ech awer mengen, datt duerch déi Direktiounen an hir ganz Équippe vun Enseignanten, déi sech do wierklech ganz gutt Méi maachen a wierklech dat Allerbescht draus maachen, wa se iwwer 2.000 Schüler hunn, wann et op engem Site ass.

Hei allerdéngs ännere mer jo eigentlech näischt. Et kommen hei net méi Schüler herno op de Lampertsbierg an et kommen och net méi Schüler op Dummeldeng, wéi der haut do sinn, soudatt d'Gestioun vun deene Sitten, vun deene Schoulgebaier eigentlech doduerjer net erschwéiert ass. An op där anerer Säit hu mer awer insgesamt méi eng grouss kritesch Mass, fir eben dat ze erreechen, wat mer ebe grad gären hätten, datt mer sämtlech Ordres d'enseignement ubidden, datt mer mat ënnerschiddleche Sproocheformulle kënne schaffen an datt mer eben och kënne vun ënne bis uewen hinner munches ubidden, soudatt de Wee vun de Schüler vläicht éischter direkt an dat doten Etablissement féiert.

Well mer wëssen - et ass hei am Land esou, et ass am Ausland esou, et ass reng statistesch ze beleeën -, datt ganz vill Schoulen, déi eben net weiderféierend Ausbildungsméiglechkeeten ubidden, oft Schwieregkeeten hunn ze rekrutéieren, well einfach d'Elteren an d'Kanner fir d'Alleréischt wëllen an déi Schoul goen, wou se och herno d'Méiglechkeet hunn, direkt do ze bleiwen an net wëllen onbedéngt an der Halschent vun hirem Parcours nach e Wiessel maachen.

Mir hunn zu Lëtzebuerg virun allem net déi doten Traditioun. Mir wëssen, datt d'Fransouse se hu mam Collège a mam Lycée. An hei ass dat doten e bësse probéiert ginn. Mir hunn awer gesinn, datt et eigentlech net esou richteg gegraff huet.

D'Fro ass natierlech berechtegt, déi hu mer eis och gestallt: Dir maacht jo awer elo datselwecht beim Clierfer Lycée?

Jo, do hu mer elo just am Gesetz stoen, datt mer den Ënnergrad wëllen ubidden. Ech wëll awer soen, datt mer amgaange sinn, driwwer nozedenken, a mir hunn hei schonn nogeduecht, mer sinn amgaangen driwwer ze schreiwen, fir och do weiderféierend Bildungsoffertë kënne mat an de Clierfer Lycée à moyen terme ze integréieren. An ech denken, datt do, wann ech hei vun de strukturelle Problemer geschwat hunn - de Plazmangel, et kann een näischt bäibauen, et ass eng grouss Konkurrenz vu Schoulen an der Ëmgéigend -, mer zu Clierf an enger ganz anerer Situatioun sinn. Do sinn all déi Famillje mat hire Kanner, déi ronderëm Clierf wunnen, an där Regioun wunnen, extrem frou, datt déi Schoul dohinnerkënnt. An et wäert se an engem natierleche Wee eigentlech dohinnerzéien, well se soss vill méi wäit missten Dag fir Dag an hir Schoul fueren, soudatt mer do eng ganz aner Situatioun virfannen, och wa mer bereet sinn, op de Wee ze goen, fir do nach weider Offertten ze maachen.

Nach just ee lescht Wuert zur Opposition formelle, well dat hei e puermol ugeschwat ginn ass: Mir haten eigentlech d'Intentioun, Kloerheet ze schafe mat dësem Gesetz. Duerfir hu mer drageschriwwen, wat mam jëtzegen Direkter vum Uelzecht-Lycée geschitt. Dat, wat mer proposéiert hunn, war jo net de Grond, datt mer eng Opposition formelle kritt hunn. Mir hunn eng Opposition formelle kritt, aus deemjéinege Grond, datt hei zwar Kloerheet geherrscht hat an dat och am Konsens gemaach ginn ass, datt een net méi hätt kënne Recours dergéint huelen, well et eng Décisioun vum Législateur gewiescht wär an net eng administrativ Décisioun, wou een hätt kënnen dergéint nach Recours huelen. Duerfir hu mer finalement dann optéiert, zesumme mat der Chamberskommissioun, fir deen Artikel erauszehuelen.

Et ass och elo esou, wann ee sech d'Fro stellt: Hu mer herno zwee Direkteren an deem Etablissement? Reng formal gesinn, eng Zäit laang sécherlech jo. Mä, och ab dem 15. September wäert de jëtzegen Direkter vum Uelzecht-Lycée eng Missioun kréie vum Ministère, fir sech spezifesch ëm en aneren Dossier ze këmmeren, soudatt dat de facto och net wäert de Fall sinn an d'Strukturen an där Schoul, am Lycée des Arts et Métiers, wéi en da wäert heeschen, ganz kloer sinn a kohärent sinn.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Minister. A mir géifen elo dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6809 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. De Projet 6809 ass mat 34 Jo-Stëmme bei 26 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6656 iwwert de Contrôle médical - dee mer och net onbekannt ass -, an d'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet, den Här Georges Engel.

5. 6656 - Projet de loi modifiant les attributions du Contrôle médical de la sécurité sociale et modifiant:

1. le Code de la sécurité sociale;

2. le Code du Travail;

3. la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Contrôle médical de la sécurité sociale, dee mer mat dësem Projet de loi 6656 reforméieren, spillt eng Schlësselroll an eiser Sécurité sociale. Et geet drëms, derfir ze suergen, dass dee System esou gutt a performant wéi méiglech fonctionnéiert, dass also déi Mëttelen, déi disponibel sinn, esou effikass, effizient a räsonabel am Sënn vun der beschtméiglecher Versuergung vun den Assuréé genotzt ginn.

De Mot d'ordre ass „soigner mieux en dépensant mieux". Ech betounen hei „mieux" an net „moins", well dat gëtt jo engem gären dann och virgeworf. Dat heescht och kloer, dass een hei kloer Kritäre festleeë muss, wat „utile et nécessaire" ass, an, jo, dat bedeit och, och Kontrollen duerchzefeieren, fir eventuell Mëssbräich ze verhënneren.

De Contrôle médical de la sécurité sociale spillt och eng wichteg Roll an enger Rei vu Prozeduren, esou zum Bespill bei de Krankeschäiner, bei dem Reklassement oder der Invaliditéit. An dat ass och ee Grond, firwat datt d'Kommissioun décidéiert huet, fir déi zwee Projeten éischtens eng Kéier zesummen an der Kommissioun ze diskutéieren an och haut hei zesummen an der Plénière ze diskutéieren an ze traitéieren.

Wéi a wéini de Contrôle médical entstanen ass, wéi e sech am Laf vun de Joren entwéckelt huet, dorobber geet den Exposé des motifs vum Projet de loi des Laangen an des Breeden an. Fir d'Historiker ënner lech ass dat ganz interessant. Dir kënnt dat och ganz gären dann a mengem Rapport noliesen.

Fakt ass, dass d'Reform vum Contrôle médical schonns diskutéiert an zu engem groussen Deel och preparéiert ginn ass am Kader vun der Gesondheetsreform, déi duerch d'Gesetz vum 17. Dezember 2010 a Kraaft getrueden ass. Deemools war et awer zäitlech net méi méiglech, fir och d'Bestëmmungen iwwert de Contrôle médical ze reforméieren, an duerfir gëtt dat elo iwwert dëse Projet de loi gemaach, deen an deem Sënn complémentaire ass zur Gesondheetsreform.

De Projet de loi 6656 gouf déposéiert de 14. Februar 2014 vum Minister vun der sozialer Sécherheet, dem Romain Schneider. D'Chamberskommissioun, déi zoustänneg ass fir Travail, Emploi a Sécurité sociale, huet hir Aarbechten den 28. Januar dëst Joer opgeholl an a fënnef Réuniounen déi verschidden Dispositioune vum Projet de loi grad wéi och den Avis vum Conseil d'État diskutéiert an analyséiert an eng Rei vun Amendementer ugeholl, déi dann an engem Avis complémentaire vum Statsrot nach gekuckt gi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haaptchangementer, déi bei dëser Reform vum Contrôle médical virgesi sinn, sinn déi heiten: An Zukunft wäerten d'Missioune vum Contrôle médical éischter méi generell formuléiert ginn an net méi, esou wéi dat bis elo am Artikel 418 vum Code de la Sécurité sociale de Fall war, eenzel a ganz detailléiert opgezielt ginn. Deen Text gëtt doduerjer och méi kloer, méi einfach, well manner exhaustif a manner komplex.

De Contrôle médical wäert sech an Zukunft méi op seng urspréngléch Missioune konzentréieren, déi mat der Sécurité sociale ze dinn hunn.

Dem Contrôle médical seng Missiounen a Saachen Evaluatioun a Contrôle, souwuel vis-à-vis vun de Prestatairë wéi och vis-à-vis vun den Assuréen, an dat ass ee ganz wichtegt Element vun dësem Projet de loi, wäerten ausgebaut a verstäerkt ginn, an d'Berodung vun der CNS an och vun den Assuréen, wa si et da froen, wäert méi e grousst Gewiicht kréien.

Iwwregens sief bemierkt, dass de Regierungstext virgesinn hat, e Stéck méi wäit ze goen, wat déi Berodung vun den Assuréen ugeet. Dëst gouf awer nom Avis vum Statsrot an och no enger Partie anere kriteschen Avise per Amendement ofgeännert. De Contrôle médical wäert nëmmen eng Berodung kënnen ofgi par rapport zu engem Traitement, wann dat ausdrécklech vum Assuré gefrot gëtt.

Da gëtt am Kader vun dëser Reform och d'Personal opgestockt, well et kloer ass, dass de Contrôle médical nëmme seng Roll am Kader vum Pilotage am Gesondheetssystem ka spillen, wann hien dann déi néideg Moyenen dofir huet. Dat heescht, et kommen eng ganz Rei vu Leit bäi. Ech wäert herno nach eng Kéier drop zréckkommen.

Am Kader vun dëser Reform gëllt et, virun allem op zwou grouss Neierungen hinzeweisen:

D'Aarbechtsrecht an den Droit de la Sécurité sociale ginn uneneen ugepasst, soudass an Zukunft de Contrôle médical och während der Zäit vun der Lohnfortzahlung, also déi éischt 77 Deeg an dann nach bis zum Enn vun deem Mount net nëmme Kontrolle ka maachen, mä och le cas échéant ka Sanktioune verhänken, zum Beispill wa festgestallt gëtt, datt den Assuré net krank ass a schaffe ka goen oder awer wann hie refuséiert, sech kontrolléieren ze loossen, woubäi den Assuré awer souwisou ëmmer nach eng Rei vu Recoursméiglechkeeten huet virum Comité directeur vun der CNS an da virun de Sozialgeriichter. An dobäi ass d'Kritik dann och vun der Chambre des Salariés, dass d'Rechter vun dem Assuré géife beschnidde ginn, net ganz richteg, well den Assuré weider eng ganz Rei vu Méiglechkeeten huet, fir géint déi Décisioun oder géint eng Décisioun dann och virzegoen.

Eng weider wichteg Ännerung geschitt duerch d'Modifikatioun vum Artikel 14 vum Code de la sécurité sociale. De sougenannten R4, de Rapport circonstancié, dee soll vum Dokter ausgefëllt bei de Contrôle médical agescheckt ginn, wann den Assuré zéng Woche bannent enger Period vun 20 Woche krank ass. Bis ewell ass dee Formulaire automatesch un all Assuré an engem gewëssenen Délai erausgescheckt ginn. Vill dovunner waren onnëtz oder net komplett ausgefëllt, soudass se dacks onbrauchbar waren an awer e ganz groussen administrativen Opwand mat sech bruecht hunn. An Zukunft soll dee Rapport circonstancié R4 méi geziilt benotzt ginn. De Contrôle médical kann déi Prozedur lancéieren, wann a bei wiem et ubruecht ass. Dat ass méi effikass a bréngt och deemno méi.

Am Kader vun den Diskussioune ronderëm dëse Projet de loi goufen och nach aner Sujeten ugeschwat:

De Contrôle médical huet de Moment eng Partie Generalisten do schaffen. Ech hat gesot, ech kommen nach eng Kéier drop zréck, mä do dernieft schaffen och ee Kardiolog, zwee Chirurgen, en Anästhesist, en Internist, en Neurolog, en Urolog an en Orthopädist an en Aarbechtsdokter an en Zänndokter do. Dobäi kommen elo mat dëser Reform nach eemol, wéi schonns virdrun ugedeit, 13 Médecins-conseils, en Attaché de la direction, ee Pharmacien-inspecteur, fënnef Psychologen, en Infirmier gradué a fënnef Expéditionnairen. Dat sinn eng ganz Partie vu Leit. Mä déi brauch de Contrôle médical och, fir kënne senge Missioune gerecht ze ginn.

Ugeschwat goufen och déi psychesch Krankheeten, déi a leschter Zäit ëmmer méi heefeg gi sinn an déi de leschten Zuelen no 24% vun de Krankheetsfäll ausmaachen, wat och deen zousätzleche Besoin u Psychologen erkläert. Effektiv sinn ëmmer méi Leit engem Harcèlement moral, Mobbing oder ganz einfach dem Stress op der Aarbechtsplaz ausgesat, dee se net méi géréiert kréien an dee se réellement krankmécht. Dëse Leit muss och eng Hëllefstellung gi ginn.

Ee Wuert och zum Absentéisme: Den Absentéisme, dee jo esou vill hei am Land beklot gëtt, ass hei zu Lëtzebuerg méi niddreg wéi am Ausland, nämlech 3,7% par rapport zu 4% am Ausland. Ausserdeem hu mer am Kader